

# adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH

REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.


Den 10. September gouf vun der Europäescher Kommissioune Rapport verëffentlecht, deen drop hiweist, datt den Ënnerscheid téscht dem Montant u Suen, deen sech déi eenzel Staaten un TVA-Einname pro Joer erwaarden, an dem Montant, deen déi eenzel Staaten effektiv un TVA kasséieren, émmer méi grouss gëtt. An deem Kontext hätt d'EU 2018 140 Milliarden un TVA-Einname verluer.

Et heescht dann och an deem Rapport, datt Lëtzebuerg 2018 199 Milliounen Euro männen TVA-Recetten hat, ewéi erwaart.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi kënnt dësen Ënnerscheid téscht der Estimatioun vun den TVA-Recetten an den effektiven TVA-Recetten zustanen? Wat sinn d'Grénn heifir?
2. Ass et an den Ae vum Här Minister warscheinlech, datt och de Steierbedruch an deem Kontext eng Roll spilt?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten